



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7708 vum 6. Mäerz 2023 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser a vum Här Deputéierte Fred Keup.

Iwwert de Wee vun enger parlamentarescher Fro froen déi Hären Deputéiert Informatiounen iwwer de Käerjenger Contournement.

Zum Zäitpunkt vun Ärer leschter parlamentarescher Ufro zu dësem Thema virun zwee an en halleft Joer gouf et keng nei Momenter. Dëst huet sech awer an de leschten 8 Méint geännert.

Et läit ee juristeschen Avis fir, deen d'Regierung invitéiert d'Situatioun nei ze beurteilen éier d'Geneemegungsprozedur vum Contournement ofgeschloss gëtt. Genee dat wäert elo an den nächste Wochen a Méint geschéien.

Dobäi ginn ee Groussdeel vun den Terrain'en déi bis elo kaaft goufen, och fir am Fall vun enger neier Variant brauchbar.

Den aktuelle Stand vun den Etude fir eng Alternativ zum aktuellen Tracé léisst et nach net zou fir iwwert Retarden, Baukäschten oder den Uschluss un de P+R um Arrêt Bascharage-Sanem ze schwätzen.

Meng Servicer schaffe momentan intensiv um Projet Contournement vu Bascharage, souwéi un engem entsprecheden Zäitplang deen d'Awunner aus der Region net just eng zousätzlech Strooss an eng Verkéiersberouegung, mee och ee méiglechst intakte Bësch garantéiert.

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch